N°2043
Entrée le 07.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizministesch Elisabeth MARGUE op d'parlamentaresch Fro n°2043 vum 6. Mäerz 2025 vun den honorabelen Deputéierten Här Mars Di Bartolomeo an Här Dan Biancalana iwwert Ausliwwerungen.**

Am Kader vun Ausliwwerunge vu Persoune un en anert Land gëtt et een Ënnerscheet, ob et sech ëm eng Ausliwwerung un en anere Memberstat vun der Europäescher Unioun handelt, an dem Fall ee vun engem europäesche mandat d'arrêt (mandat d'arrêt européen) schwätzt, oder vun enger Ausliwwerung un en Drëttstat, an dem Fall ee vun enger „extradition“ schwätzt. D'Prozeduren an d'Konditioune vun engem europäesche mandat d'arrêt sinn zu Lëtzebuerg am geännerte Gesetz vum 17. Mäerz 2004 *iwwert "mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre Etats membres de l'Union européenne"* gereegelt. Fir Ausliwwerungen un en Drëttstat gëllt d'geännert Gesetz vum 20. Juni 2001 betreffent d"extradition".

**Fro 1 - Weivill Strooftäter an denen leschten 10 Joër un aner Länner ausgeliwwert gi sinn a wat fir Stroftaten si begaangen hunn?**

*Tableau 1. Unzuel vu Persounen, déi an de leschten 10 Joer vu Lëtzebuerg un EU-Länner an Drëttstaten ausgeliwwert goufen*

| *Joer* | 2024 | 2023 | 2022 | 2021 | 2020 | 2019 | 2018 | 2017 | 2016 | 2015 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Mandat d'arrêt européen** | 28 | 40 | 37 | 35 | 22 | 40 | 20 | 46 | 37 | 14 |
| **Extradition pays tiers** | 4 | 3 | 2 | 4 | 3 | 3 | 2 | 3 | 1 | 0 |

*Tableau 2. Lëscht vun de Strofdoten, fir déi vun 2018 bis 2024 d'Ausliwwerunge fir europäesch mandats d'arrêts gefrot an accordéiert goufen*

Et sief unzemierken, dass am Kader vun engem europäesche mandat d'arrêt méi wéi eng Strofdot an der Demande ka libelléiert sinn.

| Infractions | Nb. d' infractions |
|---|---|
| **Infractions en matière de stupéfiants** | 51 |
| **Armes prohibées/explosifs** | 10 |
| **Fraude et infractions de corruption** | 46 |
| **Homicide/Autres infractions résultant dans la mort** | 11 |
| **Infractions contre les personnes** | 36 |
| **Infractions sexuelles** | 9 |
| **Terrorisme** | 0 |
| **Infractions de vols et dommages criminels** | 103 |

| | |
|---|---|
| **Trafic d'êtres humains** | 9 |
| **Autres** | 82 |
| **Total** | **357** |

Am Kader vun Ausliwwerungen un Drëttstaten huet et sech bei de Strofdoten, fir déi d'Ausliwwerung gefrot gouf haaptsächlech ëm Déifställ, gefollegt vu verschidden Zorte Strofdote wéi Bedruch, Mord/Homicide, Drogeschmuggel, Geldwäsch oder sexuell Gewalt gehandelt.

**Fro 2 - Wéivill Stroftäter goufen an der selweschter Zäit u Lëtzebuerg ausgeliwwert a fir wat fir Strooftaten?**

*Tableau 3. Unzuel vu Persounen, déi an de leschte 10 Joer am Kader vun engem europäesche mandat d'arrêt vun engem anere Land u Lëtzebuerg ausgeliwwert goufen*

| Joer | 2024 | 2023 | 2022 | 2021 | 2020 | 2019 | 2018 | 2017 | 2016 | 2015 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Mandat d'arrêt européen** | Na. | 77 | 107 | 73 | Na. | 3 | 64 | 77 | 59 | 63 |

*Tableau 4. Lëscht vun de Strofdoten fir déi tëscht 2015-2024 d'Ausliwwerungen am Kader vun engem europäesche mandat d'arrêt gefrot goufen*

Et sief unzemierken dass am Kader vun engem mandat d'arrêt européen méi wéi eng Strofdot an der Demande ka libelléiert sinn. Am Kader vun Ausliwwerungen un Drëttstate leien dës Informatiounen net vir.

| Infractions | Nb. infractions |
|---|---|
| **Infractions en matière de stupéfiants** | 82 |
| **Armes prohibées/explosifs** | 16 |
| **Fraude et infractions de corruption** | 316 |
| **Homicide/Autres infractions résultant dans la mort** | 30 |
| **Infractions contre les personnes** | 82 |
| **Infractions sexuelles** | 24 |
| **Terrorisme** | 4 |
| **Infractions de vols et dommages criminels** | 918 |
| **Trafic d'êtres humains** | 4 |
| **Autres** | 202 |
| **Total** | **1678** |

**Fro 3 - Wat fir Stroofen sinn no dësen Ausliwwerungen géint di Betraffen ausgesprach ginn?**

Wat d'Persoune betrëfft déi u Lëtzebuerg ausgeliwwert goufen, ginn dës Informatioune statistesch net separat erfaasst.

Wat d'Persoune betrëfft déi vu Lëtzebuerg un en anert Land ausgeliwwert goufen, leien dës Informatiounen net vir.

Lëtzebuerg, den 7. Mee 2025.

D'Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue